

Déi 10 Geboter vun Zaltimbanq'Zirkus fir dem Coronavirus en Ënn ze maachen



Zaltimbanq'Zirkus asbl.



1. DESINFECTIOUN

Mat hydro-alkoholëschem Gel solls Du dacks a grëndlech deng Hänn wäschen. Am ganze Gebei fënns Du alles waats Du dofir brauchst an Du solls dat dann och mat guddem Gewëssen maachen. Wann s Du Allergien hues, solls Du däin Trainer kontaktéieren.



2. PROTECTIOUN

An den Ielebou oder an e Pabeiersnuesschnappech solls Du néitschen. An duerno d'gebrauchten Nuesschnappech an eng Poubell mat Deckel geheien.

3. ACCESSIBILITÉIT

Den Empfank zu eisem Gebei ass limitéiert, léif Elteren a léif Visiteuren, dofir sollt Dir am Gaart waarden. D'Kanner vun iwwer 12 Joer mussen obligatorësch de Mondschtz droen. Merci och fir net ze trëntelen an net ze laang ze bleiwen ☺ well d'Zesummestoe vu Leit a Grupp sinn ze évitéieren.




4. INFORMATIOUNEN

Wann s Du nach Froen hues, solls Du am Sekretariat uruffen oder eis schreiwen op:
den Telefonsnummer : +352 621 479 904
oder de Mail : office@zaltimbanq.lu

5. Ukommen a Fortgoen

Et gött zu all Sall eng individuell Entrée, Du solls waarde bis de Grupp virun Dir de Sall verlooss huet, an dann däreft Du zu der Entrée vum Sall eran. Du sollst och net ze laang am Sall bleiwen nom Cours, fir dem nächste Grupp d'Erakommen ze erméiglechen.




6. GEZEI FIR DEN TRAINING

D'Toilette gi vun Zaltimbanq regelméisseg désinfizéiert a gebotzt mee d'Vestiaire muss leider zou bleiwen. Dofir solls Du d'Gezei un d'Situatioun upassen: Am Trainingsgezei an de Cours kommen an net vergiessen eppes Waarmes fir driwwer matzebréngé fir nom Cours.



7. OFSTAND



Während dem Cours brauchen d'Schüler weder de Mondschutz ze droen nach d'Ofstandsregel anzehalen (Cfr Recommandations sanitaires de la Direction de la Santé du 10.08.20). Et ass awer wichtig Dech ze informéieren datt Zaltimbanq d'Unzuel vun de Schüler pro Cours limitéiert huet an datt d'Animateuren obligatorësch de Mondschutz droe wann den Ofstand vun 2 Meter zum Schüler net agehal ka ginn.

8. BOTZEN

D'Räim ginn all regelméisseg gelëft an um Enn vum Cours soll d'Material dat s Du ugepaakt hues vun Dir (mat der Hëllef vum Trainer) désinfizéiert ginn. Deng perséinlech Saachen wéi de Waaserbidon an d'Equipment solls Du net mat deenen aneren deelen ☹️



9. SYMPTOMER

Wann s Du Symptomer hues (Féiwer, Houscht, Halswéi, ...) oder wann ee vun dengem Ëmfeld Symptomer huet, solls Du doheem bleiwen an onbedéngt dengem Trainer an dengem Dokter bescheed soen. Vun eiser Säit aus gëss Du kontaktéiert wann e Problem opriede géif, den Animateur huet deng Coordonnéeen.

10. AN... Da gesi mir eis mat vill Spaass a Freed a Laachen am Cours 😊 !!

